



## **Chefennungen**

### 1. Conditione fir eng Ernennung

Fir eng Ernennung als Chef/taine ze kréien, muss de/d'Stagiärchef/taine folgend Conditionen erfëllen:

- Hien/Si huet den erfuerderte Mindestalter:

18 Joer fir Assistent/in

19 Joer fir Branchechef/taine bei Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio a RaRo

25 Joer fir Gruppechef/taine adjointe

25 Joer fir Gruppechef/taine

18 Joer fir Animateur spirituel

21 Joer fir Laien-Aumônier.

- Hien/Si huet seng/hir Chefformatioun ofgeschloss.

- Hien/Si huet genuch Fräizäit fir seng/hir Chefcharge duerchzeféieren.

- Hien/Si huet déi néideg physesch, geeschteg, moralesch a charakterlech Eegeschaften fir seng/hir Chefcharge duerchzeféieren;  
besonnesch d'Guide/Scoutsmethod ze applizéieren;  
chrëschtlech Wäerter ze vermëttelen a  
mat aneren zesummen ze schaffen.

- Hien/Si engagéiert sech fir seng/hir Chefcharge 3 Joer laang no de Grondsätz vum de Lëtzebuurger **Guiden a Scouten** gewëssenhaft auszeféieren. Ausnahmsweis kann de/d'Stagiärchef/taine sech nëmme fir 2 respektiv 1 Joer engagéieren.

### 2. Demande fir d'Ernennung

\* Wann de/d'Kandidat/in d'Conditione vum dem Art. 1 all erfëllt, froen hien/si an de/d'Gruppechef/taine, nom Unhéiere vum Grupperot, d'Ernennung op dem entspreche Formulare un. Si schécken d'Demande un d'Verbandssekretariat. Dem/Der Stagiärchef/taine seng/hir Formatiounskaart, oder dem/der Chef/taine seng/hir Chefkaart, déi ofleeft, gëtt matgeschéckt.

\* D'Ernennung vum dem/der Gruppechef/taine adjoint(e) a vum dem/der Gruppechef/taine gëtt vum allen ernannte Chef/tainë vum Grupp ugefrot.

\* D'Ernennung kann zu all Moment am Joer ugefrot ginn.

\* D'Ernennung muss spéitstens 2 Joer, no der éischer Formatiounsaktivitéit ugefrot sinn, soss ass d'Formatioun hifälleg.

\* Den Art. 3.3. vum de Statute gesäit vir, datt all Unitéit am Grupp nëmme 1 Branchechef/taine huet. Wann dofir an enger Unitéit schon en/eng ernannte Branchechef/taine do ass, gëtt fir all weider(e) Chef/taine, deen/déi d'Bedingunge fir eng Ernennung als Branchechef/taine erfëllt, eng Ernennung als Assistent/in mat Rang Branchechef/taine ugefrot.

\* De Formatiounscommissaire stellt fest, ob d'Conditionen all erfëllt sin, a gëtt säin Avis of. Hie präziséiert, fir wéi vill Joer d'Ernennung soll ausgestallt ginn. Hie kann duerzou seng Equipe an de betreffende Branchecommissaire konsultéieren.

\* De Commissaire général ernennt den/d'Chef/taine fir déi festgehalen Dauer. Aus enger trëfteger Ursach kann de Commissaire général, no Récksprooch mat den zoustännege Commissairen, d'Ernennung fir méi eng kuerz Dauer virhuelen.



- \* D'Ernennung vum Animateur spirituel a vum Laien-Aumônier gëtt duerch de Commissaire général an den Aumônier général gemeinsam virgeholl.

### 3. Validitéit vun der Ernennung

- \* Eng Ernennung gëllt an der Regel fir maximal 3 Joer a kann duerno erneiert ginn.
- \* D'Ernennung gëllt vum Dag un, wou de Commissaire général se ënnerschreift, bis d'Zoumaachen vum Verbandskongress maximal 3 Joer drop. Aus administrative Grënn huet de Chef awer maximal bis den 31. Oktober vun deem Joer Zäit seng Ernennung ze verlängeren. Während dëser Iwwergangszäit bleift d' Ernennung gültig.

### 4. Conditione fir d'Erneuerung vun der Ernennung nom Konzept „Paddel däi Kanu“

#### 4.1. Allgemenges

D'Erneuerung vun der Ernennung ass d'Konzept „Paddel däi Kanu“, déi aus verschidde *Kanu-Aktivitéiten* besteet. Duerch d'Participatioun op de Kanu-Aktivitéiten sammelt den ernannte Chef Paddelen.

Fir seng/hir Ernennung erneiert ze kréien, muss de/d'Chef/taine folgend Conditionen erfëllen:

- Hien/Si huet während der Dauer vu senger/hirer Ernennung, normalerweis 3 Joer, déi erfuerdert Zuel vu Paddele gesammelt (cf Art. 4.2.).
- Hie/si war aktiv a senger/hirer Funktioun als Chef/taine.
- Hien/Si huet genuch Fräizäit fir seng/hir Chefcharge duerchzeféieren.
- Hien/Si huet déi néideg physesch, geeschteg, moralesch a charakterlech Eegeschaften fir seng/hir Chefcharge duerchzeféieren; besonnesch d'Guide/Scoutsmethod ze applizéieren; moralesch an ethesch Wäerter ze vermëttelen a mat aneren zesummen ze schaffen.
- Hien/Si engagéiert sech weiderhi fir seng/hir Chefcharge 3, 2 oder 1 Joer laang no de Grondsätz vun de Lëtzebuurger **Guiden a Scouten** gewëssenhaft auszeféieren.

#### 4.2. Paddelen

- \* Pro Paddel kritt een d'Ernennung fir ee Joer verlängert. D'Ernennung kann maximal fir 3 Joer verlängert ginn. Mat der Erneuerung vun der Ernennung verfallen all bis dohin gesammelt Paddelen.
- \* Zousätzlech zu den normalen Paddelen, muss de Gruppechef nach 2 spezifesche Gruppechef-Paddelen sammelen. Fir seng Ernennung 1 oder 2 Joer verlängert ze kréie brauch de Gruppechef 1 Gruppechef-Paddel, fir se 3 Joer ze verlängeren 2 Gruppechef-Paddel.
- \* Den „Animateur spirituel“ an de Laien-Aumônier mussen fir d'Erneuerung vun hirer Ernennung un op mannst enger Kanu-Aktivitéit zu enger spiritueller/reliéiser Thematik deelgeholl hunn.
- \* All Joer gëtt op mannst een Dag ugebueden dee fir 3 Paddelen zielt, de *Kanu*. Zousätzlech zum Kanu organiséiert de Verbandsgrupp eng bestëmmten Unzuel vun Kanu-Aktivitéiten déi vum Formatiounscommissaire am Virus mussen accordéiert ginn.

#### 4.3. De Kanu am Grupp (*de Gruppe-Kanu*)

- \* E Grupperot ka fir sech 1 Formatioun organiséieren, déi 1 oder 2 Paddelen



- entsprécht.
  - \* Eventuell Inhalter an/oder Theme kënnen sinn:
    - Disziplin
    - Zesummenaarbecht am Grupp
    - Konfliktléisungsmethoden
    - reliéis Animatioun
    - Fusiounsabsichten a Koedukatioun
    - Relatiounen mat Elteren an Amicale
    - Spiller an Animatiounstechniken
    - asw.
  - \* De Grupp kann op Spezialisten a Gaaschtriedner zréckgräifen. De Formatiounscommissaire ka bei der Sich hëllefen.
  - \* Spéitstens 1 Mount virum Ufank vum *Gruppe-Kanu* schéckt de/d'Gruppenchef/taine iwwert d'Verbandssekretariat dem Formatiounscommissaire an dem Commissaire fir Gruppen den Umeldungsformulaire an de Programm.
  - \* De Formatiounscommissaire deelt dem/der Gruppenchef/taine seng Decisioun mat.
  - \* Nom *Gruppe-Kanu* schéckt de/d'Gruppenchef/taine eng Participatiounslëscht an d'Verbandssekretariat.
- 4.4. De „Paddel däi Kanu“ bei aneren Organisatiounen am In- an Ausland
- \* Formatiounspropositiounen vun anere Verbänn an Organisatiounen kënnen fir Paddelen zielen. Den Accord, dass dee betreffende Stage fir 1 oder 2 Paddelen ziele kann, ass ee Mount am Voraus beim Formatiounscommissaire schrëftlech anzehuelen.
5. Administrativ Prozedur fir d'Erneuerung vun der Ernennung
- \* D'Demande fir d'Erneuerung vun der Ernennung gëtt no der selwechter Prozedur gemaach, wéi d'Demande fir d'Ernennung (cf Art. 2).
  - \* D'Demande fir d'Erneuerung vun deenen um Kongress ofgelafenen Ernennungen kënnen nach bis den 31. Oktober, vum selwechte Joer, eragereecht ginn.
  - \* D'Verbandssekretariat schéckt déi nei Chefkaart un de Chef, mat Kopie un de Gruppenchef an de betreffende Branchecommissaire. Ofgelaf Chefkaarte ginn net méi vum Verbandssekretariat zréckgeschéckt.
6. Virzäitege Verfall vun der Ernennung
- \* D'Ernennung ka virzäiteg duerch de Commissaire général, no Récksprooch mat dem/der betreffende(r) Gruppenchef/taine an dem zoustännegen Commissaire, entzu ginn,
    - wann eng Condition vun den Art. 1 oder 4 net, oder net méi, erfëllt ass.
    - wéinst uerge Verstéiss géint d'Guide/Scoutsgesetz, d'Statuten an d'Reglementer vum Verband (cf Art. 3.5. vun de Statuten).
    - wéinst nogewisener Onfähegkeet (cf Art. 3.5. vun de Statuten).De/D'Chef/taine muss virdrun d'Geleeënheet kréien, säi/hire Standpunkt ze verrieden. De/D'Chef/taine huet d'Recht, géint dës Decisioun Recours beim Ombudsrat a beim Eiererot vum Verband ze huelen (cf Art. 3.5. vun de Statuten).
  - \* E/Eng Chef/taine, deen/déi als Member vum Grupp oder vum Verband ausscheet,



verléiert domat och automatesch seng/hir Ernennung.

#### 7. Allgemeng Bestëmmungen

- \* Enner besonneschen Ëmstänn kann de Commissaire général, op Virschlag vum Formatiounscommissaire an no Récksprooch mam zoustännege Branchecommissaire, Ausnahmen zu de Conditione fir d'Ernennung oder fir d'Erneuerung vun der Ernennung maachen.
  
- \* Dëst Reglement ersetzt d' Reglement N°12 vum 01.07.2009.